Fondatioun Lëtzebuerger Guiden a Scouten
am Déngscht vun de Jonken

Newsletter

November 2010

Léif Frënn vun de Guiden a Scouten,

Fir d'éischt soe mir iech e ganz grousse Merci fir déi Zomm vun 31.448,00 EUR déi mir am Joer 2009 vun iech a Form vun Donen kritt hunn. Déi Sue sinn zum gréissten Deel fir bestëmmte Projete gespent ginn an deemno huet d'Fondatioun se och duerfir verwennt:

12.900,00 EUR fir d'Renovatioun vum Chalet vum Beetebuerger Grupp *5.458,00 EUR* fir de Bau vum Chalet vum Déifferdenger Grupp *210,00 EUR* fir den Entretien vum Chalet vum Ettelbrécker Grupp (Guiden) *105,00 EUR* fir den Entretien vum nationale Chalet zu Bilschdrëf *3.230,00 EUR* fir Projete vun de Foulards blancs mat Behënnerten

De Solde vun den Donen ass 9.545,00 EUR, déi – konform mat eise Statuten - am Interessi vum Verband benotzt gi sinn. De Verband hat der Fondatioun schon Enn 2008 signaliséiert, datt en Agent technique fir d'Géisserei an de Materialprêt gebraucht gëtt. D'Fondatioun hat du beschloss d'Personalfraisen fir eng hallef Tâche fir maximal 2 Joer ze iwwerhuelen. Dës hunn mat 16.247,73 EUR zu Buch geschloen. 2009 war och dat Joer wou d'Fondatioun d'Gestioun vun der Géisserei iwwerholl huet an d'Fondatioun iwwerhëlt hei den Defizit vun 4.884,51 EUR. Am Total huet d'Fondatioun also 21.132,24 EUR Onkäschten fir de Verband iwwerholl.

Et gouf deemno en Defizit vun 11.587,24 EUR. Mir wëssen, datt dat net esou weidergoe kann a mir sinn duerfir frou, datt mir an Tëschenzäit eng Konventioun mam Familljeministère fir den Agent technique ënnerschreiwe konnten. Donieft hu mir eng Rei Efforten gemaach fir de Chalet „d'Géisserei" besser ze verlounen a mir hoffen och hei geschwënn aus de rouden Zuelen ze kommen.

Dir gesitt wéi d'Fonge gebraucht ginn a wéi mir do stinn. Dir gesitt och, datt mir op Donen ugewise sinn a mir soen iech elo scho Merci fir är Ënnerstëtzung.

D'Marie-Anne Konsbruck huet d'Fondatioun verlooss a mir hunn dräi nei Memberen an d'Fondatioun opgeholl, nei derbäi sinn d'Sylvie Bisdorff, fréier Commissaire générale, den Pierre Elvinger, fréiere Gruppechef um Lampertsbierg an de Vic Rod, fréiere Commissaire. Et goufen och Ännerungen beim Personal vun der Verbandszentral, dozou kënnt dir méi an dëser Newsletter liesen.

Natierlech stinn d'Aktivitéite mat de Jonken am Mëttelpunkt vun eisem Interessi an mir hunn eis gefreet iwwer dee groussen Erfolleg vun den Campen vun de Wëllefcher zu Heischent a vun den AvEx zu Stengefort. D'Käschte vun deenen Campen sinn ausschliisslech vun de Participante selwer an verschiddene Sponsore gedroe ginn. Deene wëllen mir dofir een häerzleche Merci soen.

Mir freeën eis fir d'Aktivitéiten vun de Guiden a Scouten weiderhin mat ärer Hëllef ënnerstëtzen ze kennen, a mir soen iech am Viraus dofir villmools Merci.

Jean Mischo
Président vum Conseil d'administratioun vun der Fondatioun

Merci Marie-Anne

Den 9. Oktober huet d'Fondatioun Abschid vum Marie-Anne Konsbruck-Raus geholl, dat säit der Grënnung vun der Fondatioun Member a Sekretärin vun eisem Conseil d'administration war. Mir soen dem Marie-Anne e grousse Merci fir seng devouéiert Mataarbecht a mir wënschen him eng gutt Gesondheet. Mir freeën eis drop hatt nach bei där enger oder anerer Geleeënheet erëm ze gesinn.

E "chargé de direction" fir d'Sekretariat

De Georges Hoffmann huet d'Equipe vun eisem Service éducatif verlooss. Him e grousse Merci fir déi geleeschten Aarbecht a mir wënschen him alles Guddes fir seng weider Zukunft.

D'Fondatioun huet – zesumme mat de Commissaires généraux - nom Georges sengem Depart d'Verdeelung vun den Aufgaben an der Equipe vun eise Permanenten iwwerschafft. Et gouf décidéiert, datt an Zukunft en "chargé de direction" fir déi gesamt Koordinatioun zoustänneg soll sinn.

Dës Plaatz ass zënter dem 16. September 2010 vum Tom Biever besaat. Den Tom huet den Diplom vu Sozialpädagoge vun der Fachhochschule Düsseldorf an hien ass Chef bei de Guiden a Scouten vu Walfer. Hie kennt de Verband also gutt.

D'Fondatioun wäert him fest zur Säit stoen fir dat hien seng Missioun mat engem Maximum un Efficacitéit am Sënn vum Verband kann duerchféieren.

RaRo-Odyssee 2010

Op de Camp-Chantieren, déi eis ONGD "Guiden a Scouten fir ENG Welt" regelméisseg mat der Route vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten organiséiert, léieren déi Jonk en anert Land, eng aner Kultur an eng aner Liewensweis kennen, eng Erfahrung déi hinnen d'Méiglechkeet gëtt méi wäit ze kucken an eist Liewen zu Lëtzebuerg mat aneren Aen ze gesinn. Zousätzlech dozou ass och de perséinlechen Asaz vun de Jonke gefuerdert, fir mat de Partner um Terrain op engem Chantier zesummen ze schaffen.

Ënnert dem Slogan "RARO-Odyssee 2010" hunn sech 110 Guiden a Scouten benevol an op eege Käschten engagéiert, an dat op 5 Camp-Chantieren déi sech op 4 Kontinenter verdeelt hunn.

Senegal – Projet „Takku Liggey " a Camp « Rokku Mi Rokka »

An der Ouschtervakanz waren 16 RaRo zu Mboro am Senegal. Wat giff besser dëse Projet beschreiwen ewéi dës puer Zeilen déi si während dem Camp als Newsletter verschéckt hunn.

„Eise Projet ass en risege Succès, an aus Bastelen a Spillen ass e richtegen Camp-Chantier mat Behënnerten ginn.

Mir hunn eng Kutsch gebaut an e Basketballsterrain amenagéiert!

Do dernieft hu mir fir d'ASHAM (Association des Handicapés de Mboro) eng Sérigraphie opgebaut an hinnen eng entspriechend Formatioun ginn.

Doriwwer eraus hunn mir eisen senegaleseschen Frënn gewisen, wat de Beruff vum Kiné ass an zwou Infirmièren hunn eng Initiatioun vun 6 Deeg ginn. Alles an Allem: e MEGA Projet an all eis Ziler hu mir 100 Mol iwwerschratt!!"

Am Summer 2010 hunn lëtzebuerger RaRo, zesumme mat senegalesesche Jugendlechen, während 2 Wochen un engem neie Formatiounszenter zu Thiès (nordöstlech vun Dakar) geschafft: D'Mauere goufe beworf, de Buedem vum Zentrum ass nivelléiert an den Daach op d'Gebai montéiert ginn.

Vun dësem Zentrum profitéieren d'Leit aus dem Duerf Darah Pheul, grad esou wéi déi Jugendlech vun Thiès. Sie kréien hei eng Ausbildung an de „Petits métiers", z.B. am Beräich „Fruits et légumes", wou déi Jonk léieren, aus Uebst a Geméis Jus ze maachen, deen si da kënne verkafen an deen hinnen en Akommes erméiglecht.

Bolivien – Projet „Kusikuy"

Am Duerf Bellavista bei Cochabamba huet d'ONG bei der „Fundación" ënnert anerem eng Beruffsschoul gebaut, déi sech an deene leschten 8 Joer ëmmer weiderentwéckelt huet an déi zu engem groussen a wichtegen Zentrum ginn ass. Ganz an der Géigend heivunner hunn am August d'RaRo un der Primärschoul geschafft. Dringend noutwenneg Renovatiounsaarbechten (Drainage, Usträichaarbechten) goufe geleescht, eng flott Spillplaz gouf gebaut an e Recyclageprojet initiéiert. D'Schülerinnen an d'Schüler freeën sech domadder zanter der Rentrée iwwert dat méi flott a kandgerecht Léieremfeld an hirer Schoul.

Vietnam – Projet „Chia Sé"

No 2006 war et fir d'zweet, datt d'ONG sech mat engem Projet am Vietnam engagéiert. Zesummegeschafft gouf och dëst Joer mat der Organisatioun Caritas Schwäiz.

Dëst Joer goung et an d'Biergregioun an den Norden, direkt un déi chinesesch Grenz.

Fir der Buedemerosioun entgéint ze wierken goufen zesumme mat den Awunner vu Lung Tam Thap 5000 Beem geplanzt. Do dru gekoppelt ass eng vun der Caritas geleeten Opklärungsaarbecht iwwert d'Konsequenze vum massiven Ofholze vu Bëscher a méiglechen Alternativen zum Brennholz als Heizmaterial.

Do dernieft hunn déi jonk RaRo, zesumme mat Jugendlechen aus dem Foyer St. Joseph vu Rëmeleng, bei der Feldaarbecht mat ugepak. Duerch de Projet gouf och de Bau vu sanitären Infrastrukturen am Duerf finanzéiert.

Bosnien-Herzegowina: Cuprija 2010

Fir d'fënnefte Kéier hannerteneen dréint sech dë Projet „Cuprija" [Bréck] ëm den interkulturellen Echange tëschent Jonken um Camp an um Chantier. Dëse Camp-Chantier hëlleft der Stad Stolac an hiren Awunner um Neesopbau vun reliéisen, kulturellen a wirtschaftlechen Gebaier déi während dem Krich a Bosnien-Herzegowina tëschent 1992 an 1995 zerstéiert goufen.

Am Summer 2010 hun erëm 16 Ranger-Rover vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten mat 35 bosneschen, kroateschen an internationalen Jonken aus England an den USA zu Stolac zesummegeschafft. Um Bau vun engem interkulturellen Zenter fir den Dialog an d'Reconciliatioun gouf matugepak, d' selwecht wéi un dem Frëschmaachen vun engem zweeten orthodoxe Kierfecht an dem Réaménagement vun der Promenade laanscht d'Bregagva am Stadkäer (agefalen Ufermauer nees opbauen, Uleeën vun engem Quai fir ze schwammen): d'Chantieren op dëse symbolesche Plazen verbesseren d'Zesummeliewen tëschent moslemeschen, kathouleschen an orthodoxen Awunner zu Stolac. Jiddwereen hëlleft esou d'interkulturell, mä ideologesch gefierften Kris an där Bosnien-Herzegowina ass, virun ze entschäerfen.

Eng Rëtsch geziilten Aktivitéiten wéi e Folklore- a Musékscortège mat Danz queesch duerch Stolac, en ëffentleche Concert oder d'traditionell Campkiermes hun d'Zesummeliewen vun der lokaler multikultureller Populatioun stimuléiert.

„Althing" an „Adventum MMX" an Zuelen

"Althing" huet den nationale Wëllefcherscamp an "Adventum MMX" den nationalen Avexcamp geheescht. An Zuelen heescht dat:

- 4 Campchefen an Adjointen,
- 721 Wëllef (aus 48 Ruddelen), 204 Chefen, an 150 Mataarbechter um „Althing" op der sonneger Kopp zu Heischent,
- 629 AvEx (aus 50 Truppen), 174 Chefen, an eng 100 Mataarbechter op enger riseger Wiss voller Konstruktiounen um „Adventum MMX" zu Stengefort,
- 7 Deeg Camp fir d'Wëllef, 11 Deeg Camp fir d'AvEx, X méi fir Chef a Staff,
- 3000 Liter Mëllech drénken d'Wëllef, 2160 Liter d'AvEx,
- 1,2 Tonnen Uebst verdrécken d'Wëllef, 8000 Stecker Uebst sinn et bei den AvEx,
- 1,8 Tonnen Brout verschaffen d'Wëllef, d'AvEx packen 1250 kg Brout,
- 650 m Waasserleitungen, an 400 m Kanal brauch eng Wiss, fir dass et e Camp get,
- 1 Kichen op mannst ass duerchgebrannt.

Jamboree 2011 a Schweden

„Simply scouting" zitt un! 478 Guiden a Scouten (vun den LGS an der FNEL) sinn ugemellt. Dësen groussen LBSA-Kontingent vu 14 – bis 17järege wäert vum 27. Juli bis den 7. August 2011 zu Rinkaby a Schweden zesummen mat 40000 Guiden a Scouten aus der ganzer Welt erliewen. Sech Begéinen, Natur, an Solidaritéit, dat si déi 3 grouss Axen vum Camp. Fir eng super Erfahrung soll d'Konzept „Camp in Camp" suergen. Dëst ass eng Art Hike mat Iwwernuechtung an der schwedescher Natur. Den internationalen Austausch wäert dobäi natierlech net ze kuerz kommen (1920 huet de B.P. den éischten Jamboree organiséiert).

Jugendhaus Bissen

2010 stoungen am Bissener Jugendhaus niewt den all-deeglechen, spontanen, Aktivitéiten ewéi kickeren, zesummen kachen, Billard spillen, ... och verschidden Themewochen ewéi «Safer Internet» oder «Orientation Professionelle» um Programm. Et gouf versicht de Krees u Jugendlecher, déi an d' Jugendhaus kommen, ze vergréisseren. Fir d'Akzeptanz vum Jugendhaus zu Bissen ze erhéijen gouf vill Wäert op Zesummenaarbecht mat aneren Akteuren, ewéi der Maison Relais, geluecht.

En Héichpunkt vun den Aktivitéiten war sécher och d' Rees op Berlin déi zesummen mam Wolzer Jugendhaus organiséiert gouf.

2011 soll méi Wäert op eng geschlechtsspezifesch Jugendaarbecht geluecht ginn. Dat heescht datt bei verschidden Aktivitéiten nëmmen Jongen oder Meedercher däerfen partizipéieren. Déi ugebueden Aktivitéiten sollen awer net onbedéngt typesch Meederchers- oder Jongenaktivitéiten sinn mä vill méi ass et de Versuch esou de Kontakt tëschent den Mataarbechter an de Jugendlechen ze verbesseren an d' géigesäitegt Vertrauen ze stäerken.

Déi huet dem Chef eis beschte Wënsch am Numm vun allen Memberen vun den LGS mat op de Wee ginn an him e grousse Merci gesot fir seng Trei zum Mouvement a säin Asaz fir de Scoutissem zu Lëtzebuerg.

De Chef Scout war ergraff dësen wichtegen Anniversaire zesummen mat Scoutsschwëstere a -bridder ze feieren an huet sech iwwert déi läscht Entwécklungen an de Verbänn renseignéiert.

Fir d'Visite ofzerënnen huet d'Delegatioun dem Chef Scout eng Holz-Skulptur vun der Kënschtlerin Carmen Landuyt-Kill iwwerreecht, déi elo hir fest Plaz zu Fëschbech am Schlass kritt.

WOSM

Visite vum Secrétaire général vum Scouts-Weltverband

De Luc Panissod, secrétaire général vum Scouts-Weltverband (WOSM) war vum 21. – 24. Oktober zu Lëtzebuerg. Bei där Geléenheet huet hien am Staater Conservatoire de « Scout of the world award » un eng 70 RaRo iwwereecht, déi bei den Kooperatiounsprojetën a Bolivien, Bosnien, Senegal a Vietnam dobai waren.

65 Joer Chef Scout Grand-Duc Jean.

Mir gratuléieren a soe MERCI!

Am Kader vum engem duebelen Anniversaire (et sinn dëst Joer 65 Joer hier, datt d'LBSA gegrënnt gouf an de Chef Scout säin Verspriechen ofgeluecht huet) stoung eng Visite vun enger LBSA-Delegatioun zu Fëschbech beim Chef Scout.

D'LGS Joer 09/10 an Zuelen

- 4883 Memberen, dovun 1081 Cheftainen a Chef,
- 61 Gruppen uechtert d'Land,
- 2 grouss national Camp'en,
- 2357 Kanner a Jugendlech, déi e Camp erlieft hunn,
- 3972 Jongen a Meedercher, déi op e Weekend waren,
- 1892 Cheftainen a Chef , déi mat hinnen um Camp respektiv um Weekend waren,
- 1540 Kanner a Jugendlech (och vill Net-Guiden a Scouten), déi eng Aktivitéit um Site Neihaischen matgemaach hunn (Spiller um Bealtaine-Festival, Atelier'en am Keltenhaus, Formatioun, ...),
- 102 Kandidaten um gemeinsamen Deel vun der Formatioun (dem Tronc Commun),
- 109 Kandidaten hunn déi éischt Stuf vun der Formatioun matgemaach, de STIP (STage d'Initiation Pédagogique); de STAP gëtt réischt am Joer 10/11 an alle Branchen ugebueden,
- 94 Chef kruten hir Ernennung als Assistentchef oder Chef; 101 Chef kruten hir Ernennung erneiert.

De Verwaltungsrot

Jean Mischo (President)
Georges Metz (Vize-President)
Gilbert Beissel (Trésorier)
Sylvie Bisdorff, Pierre Elvinger, Roy Grotz, Jéiss Loos, Andrée Maquil, Théo Péporté, Victor Rod, Carmen Schares

Fondation «Lëtzebuerger Guiden a Scouten am Déngscht vun de Jonken»

BILLLULL LU95 0025 1738 1154 8100
CCPLLULL LU44 1111 2333 0015 0000

Crédit photos: Ch. Machtelinckx, Ch. Caratini (SIP)